ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/04/2026

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 9.03.2026

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc Losch Gilles Malherbe Louis Pesch Serge Quazzotti Luca Sedrani Catherine Stocco Mauro Winandy Tom Wirtz Pascal Wirtz Pit Vosman Joske		

Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun de Kommissiounssëtzunge vum 8.12.2025

De Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 8.12.2025 gouf unanime ugeholl.

Punkt 3: Grouss Botz vum 28.03.2026

- D'Iessen ass bestallt a gëtt fir 11Auer 45 geliwwert

Helperknapp, 19/04/2026

- De Lesch Luc bréngt de Minibus vun der Gemeng mat
- d'Flyere ginn dës Woch vun der Gemeng un d'Haushalter verdeelt
- D'Gemengepersonal bréngt den Dag vun der Grousser Botz d'Zaangen, d'Poubellestuten an d' Valorluxtuten mat
- D'Tier gi vun 3 Membere vun der Kommissioun verdeelt
- D'Membere vun der Kommissioun treffen sech um 8 Auer 30 fir opzeriichten

Punkt 4: Asiatesch Runn

D'Gemeng huet Kontakt mat enger spezialiséierter Firma op geholl an een Devis gefrot. Well d'Käschte staark vun der Accessibilitéit vum Nascht ofhänken, soll vu Fall zu Fall gekuckt ginn, wéi vill d'Gemeng bäisteiere kann. Dann soll am Laf vum Mäerz och nach e Mesurëpak vum Ëmweltministère publizéiert ginn.

Fir en Informationsflyer iwwert d'asiatesch Runn kënnen opzestelle feelen der Kommissioun dofir déi néideg Informatiounen, dofir soll de Mesurëpak vum Ëmweltministère ofgewaart ginn.

D'Kommissioun ass awer der Meenung dass d'Matbierger sollen informéiert ginn dass se all Nascht vun der asiatescher Runn iwwert de Report-it op der App vun der Gemeng solle mellen.

Punkt 5: Moosnamen 2.8 an 2.15 vum Naturpakt

Bei der Moossnam 2.8 geet et dorëm, Installatioune fir den Igel, d'Hieselmaus, d'Wëllbeien,.. ze maachen. (Hieselmauskëschten, Igelkëschten, Steekéip, Doudholzkéip, Dréchemaueren, Sandarien, Wildbienennisthilfen (Mindestgréisst 0,5 m2),..). Wichteg ass et, dass et sech ëm ëffentlech zougänglech Flächen am Siidlungsraum handelt, bzw. wann et Privatfläche sinn, da muss eng Konventioun vun 9 Joer gemaach ginn. Ausserdeem muss d'Ëmfeld d'Liewensbedingunge vun den eenzelnen Aarten erfëllen. Heizou huet d'Kommissioun eng Kaart erstallt mat de Flächen am Siidlungsraum wou esou Mesurë kënnen ëmgesat ginn. Ënnert dem Link http://g-o.lu/3/QtXZq sinn déi proposéiert Plazen ze fannen.

Helperknapp, 19/04/2026

8. Infrastrukturen zur Förderung der wildlebenden Tiere im Siedlungsraum

Die Gemeinde installiert Wildbienennisthilfen bzw. andere spezifische Infrastrukturen für Tiere (keine Nistkästen) auf öffentlichen Flächen innerhalb des Siedlungsraumes (Anzahl).

Die Gemeinde oder der Gemeindeverband installiert Wildbienennisthilfen bzw. andere spezifische Infrastrukturen für Tiere innerhalb des Siedlungsraumes. Dabei werden Nisthilfen für Vögel oder Fledermauskästen unter diesem Punkt nicht berücksichtigt (siehe 2.9.). Ebenso wenig werden Bienenstöcke angerechnet. Bei Wildbienennisthilfen ist eine Mindestfläche von 0,5 m2 einzuhalten und es muss sichergestellt sein, dass sich genügend Pollen- und Nektarquellen in unmittelbarer Umgebung befinden. Wie die einzelnen Quartiere im Wildbienennisthilfen gestaltet werden, ist variabel. Wichtig ist es dabei auf Vielfalt zu achten. Weitere Beispiele sind Sandarien für Wildbienen, Igelkästen und gewährleistete Konnektivität der Lebensräume, Steinhaufen oder -riegel u.ä. für Reptilien oder Behausungen für Haselmaus und Siebenschläfer. Trockenmauern (BK20) können mit einer Einheit angerechnet werden, wenn sie länger als 5 m, höher als 50 cm und tiefer als 1/3 ihrer Höhe sind. Außerdem müssen sie auch tatsächlich für die Ansiedlung der Zielarten geeignet sein.

Die Einrichtung aller oben genannten Strukturen muss so erfolgen, dass das umliegende Umfeld für die Zielarten optimal ist, sowohl im Hinblick auf das Angebot an geeigneten Lebensräumen und Ressourcen als auch auf das Management dieser Lebensräume. Strukturen, die unter Bedingungen errichtet werden, die eine positive Entwicklung der Zielarten nicht begünstigen, können nicht auf den Naturpakt angerechnet werden.

Die Einrichtung der von dieser Maßnahme betroffenen Infrastrukturen auf privatem Grund muss durch eine Vereinbarung (mit einer Laufzeit von mindestens 9 Jahren) zwischen der Gemeinde/dem Gemeindeverband und dem Eigentümer des Grundstücks abgesichert werden.

> **Hilfestellung** bei der Umsetzung: Diversité des abeilles

Punktevergabe (Anzahl)

> Affine Funktion:
1 Punkt entspricht 33 Infrastrukturen und
3 Punkte entsprechen ≥ 100 Infrastrukturen
< 10 Infrastrukturen: 0 Punkte

> Maximale Punktezahl: 3

Bei einem Audit vorzulegende Nachweise

> Liste mit Details zu den Infrastrukturen (einschließlich Foto der Umgebung).

> GIS-Daten (optional).

> Vereinbarung für Infrastruktur auf privaten Flächen.

Bei der Moossnam 2.15 geet et dorëm, dass d'Gemeng den interesséierte Bierger een Terrain fir ee Gemeinschaftsgaart zur Verfügung stell. Wichteg ass et, dass et fir jiddereen deen interesséiert ass zougänglech ass, an dass d'Leit d'Geméis an d'Uebst och selwer benotze kënnen. Et kann sech heibäi ëm Schreebergäert handelen awer och ëm ee Gemeinschaftsgaart wou jiddereen entweeder individuell matschaffe kann oder wou z.B. ee Veräi gegrënnt gëtt deen sech zesummen ëm de Gaart bekëmmert a wou jidderee bäitrieden duerf. De Gemengerot huet schonn eng Deliberatioun den 1 Juni 2023 heizou gestëmmt gehat. D'Kommissioun géif heifir de Site hannert der Spillplaz zu Brouch proposéieren, dëse läit zentral an der Gemeng an de Buedem wier heifir geeegend.Sou ee Gemeinschaftsgaart géif de

Helperknapp, 19/04/2026

Matbierger déi keen Terrain beim Haus hunn d'Méiglechkeet bidden ee Gaart unzeleeën. Heifir soll als éischt Etapp en Appell am Buet gemaach gi fir erauszefannen ewéi grouss den Interesse bei de Léit ass.

Als Beispill hei drënner, d'Konditiounen ewéi d'Gemeng Stroossen zum Beispill hire Gemeinschaftsgaart reegelt

D'Gemeng Stroossen bitt interesséiert Bierger:innen ëm déi drësseg Parzelle un fir Geméis, Uebst, Kraider a Blummen no der biologescher Ubaumethod unzeplanzen. Et gëtt d'Méiglechkeet fir eng ganz Parzell (9 x 3 m) oder eng hallef Parzell (4,5 x3 m) ze lounen. D'Gemeng gesäit sech d'Recht fir déi verschidde Parzellen je no Disponibilitéit zouzedeelen.

D'Pacht beleeft sech op 50,- € d'Joer fir eng ganz Parzell an op 25,-€ fir eng hallef Parzell. Wann no engem Joer weiderhin Interessi besteet d'Parzell weider ze lounen, leeft d'Pacht weider, soulaang all d'Konditiounen erfëllt sinn.

Infrastrukturen déi zousätzlech vun der Gemeng zur Verfügung gestallt ginn: e gemeinschaftlecht Gaardenhaische mat Material, e Waasseruschloss an eng Kompostanlag.

Konditiounen :

- Awunner:in vun der Gemeng Stroossen sinn, déi keen Terrain hunn, fir e Gaart Doheem unzeleeën
- Sech dozou verflichten no der biologescher Ubaumethod unzeplanzen
- D'Fläch vun der Parzell muss komplett beplanzt ginn an d'ganz Joer iwwer an der Rei gehale ginn
- D'Nopeschparzellen esou wéi déi gemeinschaftlech Infrastrukturen an d'Material musse respektéiert ginn

Punkt 6: Verschiddenes

Déi nächst Kommissiounssëtzung ass den 20 Abrëll 2026.